**Peenemünde, wat ass do geschitt ?**

Et ginn mëmmen e puer Lett, déi wëssen, wat zu Peenemünde geschitt ass, a villes gouf vergiess. Mir, déi eeler Generatioun muusen duefir suergen, datt Lëtzebuerger Jugend awer weess, wéi et deemools war. Mir kënne verzeien, awer eis Kanner a Kannskanner duerfen et nit vergiessen!

Een Datum muss bei allen erhale bleiwen: **den 10 Mee 1940.**

Deen Dag ass Lëtzebuerg vun den Däitschen iwwerfall ginn. Déi kleng Befestigungen, déi d'Lëtzebuerger opgeriicht haten, hunn d'Preisen keng Stonn opgehall. Mir hate si am Land, a si hu kommandéiert.

D'Groussherzogin hat schonns mat hirer Familjen um 4 Auer moies d'Land verlooss. Et kann een doriwwer jugéieren, op dat gutt oder schlecht fir eist Land war. Ech kann Iech keng Äntwert ginn!!!

Wéi gesot: d'Preise ware lo Meeschter. Villes ass geännert ginn; schon d'Nimm vun de Lett: aus Meunier ass et Müller ginn, aus Marchand Kauffmann, aus Petit Klein. De Jean gouf Johann oder Hans genannt, de Pierre Peter an der Roger Rüdiger. Ech hu mäin Numm misse mat engen K schreiwen. Er konnt kee méi Bonjour soen, alles nëmmen Heil Hitler --- ech iwwersprangen all déi Grausamkeeten, déi iwwerall an an der Villa Pauly gemeet goufen, wou vill zu Krëppel geschlo gi sinn. Dir wësst alleguer vun de Konzentratiounslageren, wou ronn 4.000 Lëtzebuerger waren.

**Den 30. August 1942** gouf Lëtzebuerg definitiv vu Groussdäitschland annektéiert, an d'Wehrpflicht gouf proklaméiert. Ech iwwersprangen de Streik, wou 25 Lëtzebuerger standrechtlech erschoss goufen.

Fir déi jonk Lëtzebuerger koum fir t'éischt de Reichsarbeitsdienst RAD. 3614 Meedercher sinn an den RAD komm, dovun sinn der 56 do gestuerwn an 2 vermësst.

Ech sinn dee 7. Oktober 1942 an den RAD agezu ginn, dee selwechten Dag ass wéi de Pol Nicolay vu Betzderf. Hien ass, wéi e Professer an der Akerbaul gouf, jo op Ettelbréck geplënnert, an huet eng Familje hei gegrënnt.

Also, dee 7. Oktober sinn 236 jong Borschten zu Hollerech an den Zuch ageluede ginn – Richtung Peenemünde. Mir waren dunn ronn 20 Jaer al. D'Jaergäng 1920 an 1921 ware scho virdrunn agezu ginn.

Et war selbstverständlech, datt keen bei der Musterung wousst, wouhin hie géif kommen. Mir snn dat richt duerch den Einberufungsbefehl gewuer ginn, do stong drop: Peenemünde Usedom. Soss stong näischt drop, och nit wat fir eng Aarbecht op äis gewart huet.

No circa 48 Stonnen am Zuch si mir zu Peenemünde ukomm. Knapps ware mir do, si mer an de Gemeinschaftssaal geruff ginn. Den Oberfeldmeister (an der Arméi: Oberleutnant) huet deklaméiert: *„Von heute an weiß niemand mehr, wo ihr seid; es ist verboten von hier aus Briefe mit eurer Adresse abzusenden. Ihr erhaltet eine Feldpostnummer. Hier in Peenemünde wird eine Geheimwaffe gebaut. Von hier aus können wir bis nach England schießen, von hier aus können wir England vernichten. Sieg Heil!"*

Et war streng verbueden irgend eppes Schrëftleches aus dem Lager ze schécken, wou ee vläicht hätte kënne rausfannen, datt mir zu Peenemünde waren. Duefir si ganz laang och eis Bréiwer opgemeet ginn. Nëmmen d'Feldpostnummer konnt een uginn.

Déi 236 Lëtzebuerger si gläichméisseg op 3 Abteilungen opgedeelt ginn. 2 Abteilungen louschen bal widdereneen, déi 3. Abteilung war ca 200 m méi wäit wech. Ech war an däer 3.

Abteilung. Dozwëschen war d'Plaz fir d'Exerzéieren an d'Verwaltungsgebäi vun der Versuchsstatioun. An deem Gebäi war och d'Kichen fir dat ganzt Lager, ee Festsall, eng Sportshall an de Casino. Déi Saache waren awer nëmmen fir d'Oberbonzen, an nit fir äis.

An deene éischte Wochen si mir geddrillt ginn an hu geléiert, wéi een de Spuet presentéiert. No 2 – 3 Wochen si mer fir Aarbecht agesat ginn. D'Aarbecht vun eiser Abteilung huet dora bestanen Greew ze gruewen, an deenen den Dag drop Kabele gezu goufen, déi zu de 7 Préifstänn gefouert hunn. Wa mir déi Greef gemeet hunn, sinn d'Vormänner (an der Arméi houschen se Gefreite) ganz intelligent virgaangen. Den 1. Tag krousch jifdereen ee Gruew vun 10 m laang auszehiewen – 60 cm déif, 40 cm breet – sou datt ee jonke Borscht konnt dra goen. Wien fir t'éischt fäerdeg mat deem Pensum war, konnt sech op d'Säit leeen an deenen aneren nokucken. Déi 10 Meter si spilles gemeet ginn, well de Buedem besteet aus schéinem, renge Sand. Den nächsten Dag gouf de Pensum op 12 m gehuewen a sou ass et wedder gaang, bis mer bei 25 m ukoum waren. Et sinn och nach 30 Meter probéiert ginn, awer déi konnt kie méi man. Et ass nëmme moies geschafft ginn, fir d'Mëttechiessen si mer zu Fous oder mat Camioën zréck an d'Lager gefouert ginn. D'Iessen war am Fong geholl nit schlecht, well all Ingénieuren an all Lett déi op der Versuchsstatioun geschafft hunn, hunn aus demselwechten Dëppen hire Kascht kritt. Oder der Wernher von Braun huet déi selwechte Grompere giess wéi mir. Dat war dee Mann, deen V2 entwéckelt hat, an deen Amerikaner riwwer an Amerika geholl hunn, fir d'Atombomm ze bauen.

Et sinn och Drainage gemeet a Kanale gebaut ginn. D'Böschung ass mat Stécker Buedem mat Gras besfestegt ginn.

Et gouf a 7 Préifstänn, P1 – P7 geschafft. P7 war dee bedéitenste Préifstand. Heiansdo hu mir och an de Préifstänn Kabele gezunn. Déi meecht Stänn waren ënnerirdisch. Eng Kéier ware mir am Proufstand P7, an do hu mir ee Gerüst gesinn, déi wéi eng laang Zigar ausgesinn huet – vu Raketen wousst deemools nach kee Mënsch eppes!!! Et ass gejaut ginn, „alle hinlegen", a sou konnte mir déi Saach nit méi genee bekucken. Mir haten och keng Ahnung wat dat kënnt sinn. Mir wousster nëmmen dat bei eiser politescher Beléierung eis Cheffen d'Muescht vum däitsche Vollék eis beweise wollten, an si gesot hunn: „Von hier aus werden wir bis nach England schießen, von hier aus werden wir England vernichten. Dee Satz ass ëmmer gesot ginn, an dat huet äis awer bedenklech gemeet. Wat déi Waff war, si mer gewuer ginn, wa mer Drillübungen um Ostseestrand gemeet hunn. Mir hunn dann dacks een terribele Kaméidi gehéiert, a bësse méi spéit hu mer gesinn, datt een Objet, deen ausgesinn huet wéi eng grouss Zigar, mat vill Damp an den Himmel geflunn ass, an och geschwënn sou héich war, datt een näischt méi gesinn huet. Et ass awer och virkomm, datt den Objet op eemool an enger Kurw sech gedréint huet an an d'Miir gefall ass. D'Bezeechnungen V1 a V2 waren dunn nach nit bekannt, déi Nimm si méi spéit genannt ginn. Mee, haaptsächlech, weenst dem Tamtam vun de Cheffen heut et bei äis lues alues uwe geschellt, a mir hu geduecht, datt déi Waff eventuell kënnt eng Wend am Krich bréngen oder jiddenfalls de Krich méi laang dauere loossen.

Virun Chrëchtdag 1942 gouf eist Lager opgeléist, a mir sinn heem geschéckt ginn.

Vir mech war Peenemünde awer nach nit riwwer. 12 Lëtzebuerger goufen dobehalen, alles Studenten. An dorënner war ech och. Ech hu mech dogéint gewiert, awer do war näischt ze maachen. Dono war ech frou, datt et sou war, an och meng Elteren. Well kaum ware meng Komeroden doheem, sin se an Wehrmacht agezun ginn, déi meescht koumen herno op déi russesch Front. Mir sinn an een Ausbildungslager op Garz un der Oder komm. Hett ass dat Polen. No der Ausbildung zum Vormann, war ech nach ca 2 Wochen zu Peenemünde. Du sinn ech afkommandéiert ginn op Schillersdorf, südlech vu Stettin. Schillersdorf war ee Friedenslager am Geegesatz vu Peenemünde, wat ee Krichslager war. Hei war de Sold och nëmmen d'Haalschend vun deem vu Peenemünde. Am Lager Schillersdorf gouf nit geschafft, mëmmen exerzéiert, geddrillt a Sport gemeet.

An der Zwëschenzäit war awer scho vill geschitt. Am Oktober 1942 hat den Henri Roth, (dem Lex Roth säi Brudder) sengem Budder Ernest, deen an Däitschland dienstverpflicht war, ee

Bréif geschéckt. Déi Bréif war nit opgemeet ginn, well en nit aus Däitschland geschéckt gouf. Déi Bréif ass op Ëmweer an England gelandt. Am Bréif waren nit vill Indikatiounen, well an deenen éischten 14 Deeg zu Peenemünde haten mir nëmmen d'Prahle vun de Cheffe matkritt: „Von hier aus a.s.w." Ech hunn enk Kopie vun deem Bréif, mee et war ee gudden Unfank. Iwwer de Schwachtgen ass duerch de Pierre Ginter aus der Fiels, dee mat mir zu Peenemünde war, méi no England komm. Awer d'Engländer hu nach ëmmer nit reagéiert.

Ech verziele lo , wéi et mat mir gaangen ass.

Ufanks Abrël 1943 sinn ech aus dem RAD entloos ginn. Ech war kaum doheem, sinn ech vun Sutors Camille vun Iermsdorf kontaktéiert ginn. Mir haten äis zu Dikrech am Gymnasium kenne geléiert. Hie wollt méi iwwer Peenemünde gewuer ginn. Ech hunn him Pläng vun der ganzer Insel opgezeechent mat de Plazen vun de 7 Préifstänn. Hie sot: „Hett nach sinn déi Pläng an England. Ech hu mech spéider beléiere gelooss, datt dat so séier nit méiglech war. Et ass awer eng Tatsaach, datt d'Engländer richt un déi ganz Saach gegléiwt hunn, nodeem méi Informatiounen iwwer Peenemünde bei hinnen ukomm waren. Ech zitéieren de Martin Middelbrook aus sengem Buch: ***The Peenemünde Raid 1943.*** Ech ginn Iech den Text op lëtzebuergesch:

„D'Haaptquartier vun der polnescher Résistance zu Warschau huet verschidde Rapportë geliwwert an nach méi Informatoiunen koumen vun däneschen Ostseefëscher. Dës Rapportë war nit ganz genau, awer si hu verdächteg mam Fanger op Peenemünde gewisen. Een anert, vun den Däitsche besetzte Land, huet déi bescht Informatiounen geliwwert, ee klengt Land mat fréieren däitsche Wuerzelen, a wat mam Krich annektéiert gouf, an d'Populatioun däitsch deklaréiert ginn ass, a wou d'Männer zum Arbeitsdienst an zur Wehrmacht agezunn goufen, genau, wéi wann se Däitscher wieren. Sou ass et da geschitt, datt 1942 een Deel Lëtzebuerger zum Arbeitsdienst op Peenemünde geschéckt goufen. Nodeem hir Aarbechtszäit riwwer war, hunn déi Däitsch hinnen dommerweis erlaabt, rëm heem ze fueren. Hir Rapportën déi finalement an England ukoumen, waren déi bescht mat deenen eppes unzefänke war. Si sinn an d'Hänn vum Investigatiounsbüro vum Duncan Sandys komm." Dat war de Rapport an de Sandys war de Chef vun deem Büro an den Eedem vum Winston Churchill.

Peenemünde gouf zerstéiert duerch den Ugrëff vum 17. op deen 18. August 1943. Un dëser Aktioun waren 566 Flieger engagéiert, nämlech Halifax, Lancaster a Stirlings. Doneewen 46 Mosquitos a Beaufighters, déi an 2 Formatiounen op Berlin geschéckt goufen. Dat war awer ee blanne Manöver mat dem But d'Luftwaff ze täuschen. Den Ugrëff op Peenemünde ass a 6 Formatiounen gemeet ginn. 44 Maschinnen goufe rafgeschoss: 23 Halifax, 16 Lancaster, 2 Stirlings an 3 Mosquitos. D'RAF huet 290 héich trainéiert Lett verluer, dovun hunn 245 hier Liewe gelooss. Si waren: 167 au den United Kingdom, 60 aus Kanada, 10 aus Australien, 3 aus Neiseeland, 2 aus Amerika a je 1 aus Rhodesien, aus Trinidad an aus Irland. 45 si Prisonnéiert ginn. Dës Zuele sinn och aus dem Buch vum Martin Middelbrook.

Dat ass mäi Rapport iwwer Peenemünde. Ech gliewen, et wier Schued, wann déi Saachen vun de spéiedere Generatiounen géife vergiess ginn. Ech soen Iech merci.

Vic Fischbach